Réckbléck 2016

De Joëresrapport vun de Belairer Guiden a Scouten - Januar 2017

Avex Camp 2016

Léiw Guiden a Scouten,
Léiw Elteren, Léiw Frënn,
Léiw Ancienen,

Ganz zefridde kuckt eise Grupp op d'Joer 2016 zréck. Och dëst Joer hu mir nees e sëlleche flott Aktivitéite mat eise Membere geplangt an hu vill gutt Erënnerungen un all déi spaasseg Momenter, déi mir zesummen erlieft hunn. Nieft eisen traditionellen Aktivitéiten ewéi dem Montée Week-end, eisem Vizfest, dem Fuesbal, dem Ouschterwäin oder och dem Quartiersfest, hunn di verschidde Branchen och dëst Joer erëm flott Camp'en uechtert d'Land organiséiert.

Mir sinn houfreg dorop, dass mir am Laf vun dësem Joer eng nei Branche an eisem Grupp an d'Liewe geruff hunn, d'RaRo (Ranger a Rover). Dräi RaRo-Memberen aus eisem Grupp (Marie, Flo, Sophie) waren dëse Summer mat op den Odyssee-Projet an Ethiopien. Fläisseg sinn eis Memberen um Splash Benefizschwammen zu Diddeleng eng Längt noo der anerer geschwommen, fir esou vill ewéi méiglech Suë fir d'Odyssee-Projet'en 2016 (Haiti, Brasilien, Bosnien, Ethiopien a Georgien) ze sammelen.

Mir freeën eis all schonn all op de grousse GoUrban-Camp am Summer 2017, deen um Kierchbierg stattfanne wäert. D'Preparative fir dësen internationale Camp, un deem mir als Grupp wäerten deelhuelen, lafe schonn op Héichtouren. Op dësem Camp, deen ewéi eng Stad opgebaut ass, wärten am ganze ronn 5000 Awunner vu verschiddene Kulturen sech begéinen, well mir och Besuch vu Scouten aus anere Länner kréie wäerten.
Voller Virfreed kucke mir op dat neit Joer 2017 a mir freeën eis, Iech bei dem een oder aneren Event begréissen ze kennen!
Mir wënschen Iech vill Spaass bei der Lecture vun eisem Joresrapport a soen Iech Merci fir Äert Engagement an Är Ënnerstëtzung!
Lénks Patt,
Fir d'Chefequipe,
Nicolas Back, Jang Fischbach, Sophie Hamelle

RACLETTE À VOLONTÉ
Samsdes, de 04.02.2017 am St. Jean

Raclette Ab 12.00

Assemblee Generale
Frenn LGS Belair
14.30 -16.30

Wa méiglech umelle fir d'Raclette.
691447554 fbenoy@me.com (François Benoy)

AKTIVITEITSRAPPORTËN

D'WËLLEFCHER

Och dest Joer hate mir rem ganz flott Versammlungen, dorënner och e puer speziell Sortien, wéi de Wëllefchersrallye, de Fakelzuch, eng Schlittschung-Sortie, an an an...

D'Wëllefcher beim Fakelzuch

Net ze vergiessen ass deen alljährleche Besuch vum Kleeschen, deen ëmmer rëm e ganz besonnescht Erliefnis fir all Kand ass!

Besuch vum Kleeschen

Mat direkt 2 Campen war dat läscht Joer e besonnegt Joer fir d'Wëllef!
Well de Summercamp aus Zeitgrënn huet missten ausfalen, ass et dowéinst mat 110% an der
Allerhellëgevakanz 2015 op den Halloweencamp gang.
Dëse Summer hu mir dun e Mëttelaltercamp organiséiert !

An och um Mëttelaltercamp hu sech d'Cheffe vill Méi ginn!

Mir haten ee super Joer mat eise Wëllef, a mir freeën eis schon op alles wat mir dëst Joer zesummen erlierwen wäerten!

D'Wëllef beim Kehlebunn-Bauen um Halloweencamp

Renovatiounsaarbeschten

Adventskränz bastelen

D'AVEX

(Aventuren an Explorer)

Fir d'AvEx huet dat 2. Trimester gutt ugefaange mat enger gudder 6. Platz um Absurdcup, engem nationalen Tournoi un deem d' AvEx Branchë vun all de Gruppen aus dem ganze Land deelhuelen. Als Belounung fir hier haart erkämpfte 6. Platz gouff et en Kompass an Iessgeschier fir op de Camp.

Am Laf vum 3. Trimester kruten eis AvEx alles bäibruecht wat een als jonk/en Aventure an Explorer kenne muss fir op de Camp: Kniet a Feier maachen, Konstruktioune bauen. Souguer Holz hacke stoung eemol während der Versammlung um Programm.

Soubal d'Summervakanz ugefaangen huet, ass et op de Camp gaang. Des Kéier ass et an den héije lëtzebuerger Norde gaang, op Stackem bei Klierf, alleng am Belairer Grupp. D'Thema vu Camp war „back to the roots" an d'AvEx hu misse beweisen dass si och ouni den alldeegleche Luxus auskommen. Um Féier kachen, alleng um Hike eenzginn an sech bei all Wieder dobaussen zurechtfannen. Sou haten d AvEx iwwer 10 Deeg en volle Programm mat ënner anerem, eng Rondféierung op engem Bauerenhaff, en Ausfluch op Vianden an de Klooterpark an en richteg schwéieren Hike iwer 2 Deeg. Eis AvEx hunn bewisen dass sie all Talent hunn fier an der Wildniss z'iwerliewen. Domat waren di Eelsten och prett fir erop an d'CaraPio ze wiesselen.

Am Kloterpark

Eis AvEx-Trupp krut dëst Joer kräftegen Nowuess, souwuel wat d'Kanner, wei och d'Chefequipe ubelaangt. An deem Sënn freeë mir eis op en flott Scoutsjoer 2017 mat vill Spill a Spaass!

Bei de Pompjeeën

D'CARAPIO
(Caravellen a Pionéier)

Eis CaraPio vum leschte Joer, sinn alleguer grouss a motivéiert Guiden a Scouten. Obwuel si net méi den Alter hate fir Carvelle oder Pionéier ze sinn, wollten si emmer nach an d'Versammlunge kommen.

Als Chefequipe hu mir decidéiert, dass mir dat net géifen sou weiderféieren. Immens autonom a schonn alleguer als Chef engagéiert hu mir hinne virgeschloen sech selwer mat anere Chefs aus dem Grupp als RaRo Branche z'organiséieren.

D'Konsequenz vun dëser haarder Entscheedung war, dass et dat ganzt Joer iwwer keng CaraPio Versammlung méi gouf.

Mat der Montée vun dësem Joer krute mi awer erem eng flott a motivéiert Equipe vun den AvEx erop an d'CaraPio.

Eng nei Ekipp mëcht hier Montée

Mir freeën eis schonn drop iech am nächste Réckbléck kenne vun den Aventurë mat eiser neier Trupp z'erzielen.

D'RARO
(Ranger a Rover)

Endlech gëtt et eis!. Mat vill Motivatioun an endlech genuch Memberen, ginn dëst Joer eis Ranger a Rover erem aktiv.

Wie sinn d'Ranger an d'Rover (RaRo)? Mir sinn 18 bis 22 Järeger, déi sech selwer geréieren an de Wëllen hunn eppes fir d'Ëmwelt an hier Matmënschen ze maachen.

Dat kennen ënner anerem Projeten am Ausland, wei d'Odyssee, oder Projeten hei am Land sinn, deenen een sech uschléisst, oder an Eegeregie op d'Been stellt an duerchzitt.

Nei Frënn an Ethiopien

Wat sinn eis Projete fir dest Joer?
Als éischt hu mir eis virgeholl eng oder méi Aktivitéite mat/fir de Kanner vun de Flüchtlingsheemer z'organiséieren. Momentan si mir amgang dëse Projet auszeschaffen an hoffen dass mir gläich kenne lass leen.

Deen zweete Punkt op der Lëscht besteet doran eis Raimlechkeeten z'organiséieren, also ze kucke wou a wei mir kennen eis Versammlungen halen.

D'Realiséierung vu Projete setzt ëmmer eng gutt Gruppendynamik an eng gutt Zesummenaarberscht viraus, a genau dat ass eent vun eisen Zieler wat mir eis selwer als Trupp ginn.

DE GRUPP

Dëst Joer hun d'Stadter Gruppen 22 Joer gefeiert. Am Keder vun dësem Anniversaire hun all d'Stadter Gruppen sech versammelt an zesumme gefeiert. Nierft enger lëschteger Animatioun goufe vill flott Spiller ugebueden an et gouf och fir jiddereen e Steck vun dem grousse Gebuertsdagskuch.

Spiller op der Place Clairefontaine

22 Joer Stadter Scoutsgruppen

Am Hierscht huet eise Grupp sech vum Charel Fischbach als Gruppechef verabschied. Mir soen him e grousse B-R-A-V-O fir säin Engagement an eisem Grupp!
Mir freeën eis doriwwer, den Neckel Back als nei Ennerstëtzung an der Gruppechefekipp ze hun.
De ganze Grupp kuckt scho voller Firfreed op d'Joër 2017, waat wéi emmer mat ville flotten a spaassege Momenter gefëllt wärt sinn.

KALENNER 2017

04.02.2017	12.00 - 14.00 Raclette 14.00 - 15.00 AG Frënn vun de Belairer LGS
15.04.2017	Ouschterwäin (no der Ouschtermass)
27.05.2017	ING Marathon
22.06.2017	Fakelzuch
08.07.2017	Summerfest
18.07.2017- 28.07.2017	GoUrban Camp Kirchberg
Oktober 2017	Vizfest
25.11.2017	Verkaf vun Adventskränz

DON

Duerch Är generéis Ennerstëtzung kann de Grupp vill flott Aktivitéiten ubidden. Mir freeën eis iwwert all Don:

LU44 1111 1367 8515 0000

vun den « **Frënn vun den LGS Belair** »

Eis aktuell Chefekipp

Gruppechefekipp
Nicolas Back
Jang Fischbach
Sophie Hamelle

Trésorier
Charel Benoy

Raro
Flo Centurione
Tom Reding

Avex
Sunni Kimari
Julien Kinsch
Tom Reding
Noé Weyland

CaraPio
Jang Fischbach
Sophie Hamelle

Wëllefcher
Jeremy Berdy
Marie Castel
Flo Centurione
Pierre Kinsch
Claire Krack
Marie Lippert
Sophie Niederkorn

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp Jang de Blannen Belair

Centre sociétaire St. Jean, 110, avenue Gaston Diderich, L-1420 Lëtzebuerg

grupp@belair.lgs.lu - http://belair.lgs.lu